

# De Léon Peller, e Mann dee Spueren hannerlooss huet. +18.07.2003



Den 10. August 1919 koum de Léon Peller zu Gréiwels op d'Welt. Seng Elteren waren de Pierre Peller an d'Suzanne Grashoff. De Léon war den 3. vu 5 Kanner. Demols huet d'Famill Peller nach an der " Rue de Bastogne " wéi mer haut genge soen, gewonnen. D'Haus besteet haut nit méi, mee et as déi Plaz wou duerno dem Moecher Misch seng Garage war.

Dem Léon säi Papp, dee vu Beruff Steemetzer war, huet dun e neit Haus zu Gréiwels gebaut, bal vis à vis vun der Kierch. Dat as also d'Heemechtshaus wou de Léon mat senge Bridder a senge Schwësteren obgewues as. Haut get dest Haus vum Emile Peller a senger Fra Céline bewunnt.

Well de Papp op säin eegene Kont geschafft huet war et fir déi Zäit bal selbstverständlech datt seng Bouwen vu ganz jonk u mat op de Bäu schaffe gongen an och esou d'Steemetzerhandwierk vun ënnen erop no a no geléiert hun.

Alles as gudd gang bis de Papp den 23. März 1940 duerch en tragischt Accident em d'Liewe koum. Hie war mam Velo op Ettelbréck gefuer fir Kommissiounen ze machen a gouf do vun engem Auto zu Doud iwerfuer.

De Schock war fir d'Famill Peller ganz grouss, mee wéi seet en ëmmer : " d'Liewe muss weider goen ". De Léon Peller, deemols 21 Joer aal, huet dun

d'Roll vu sengem Papp iwerhol a versicht esou gudd ewéi et eben gung de Betrieb weider ze féieren.

Du koum de Krich. Vill jonk Lëtzebuerger, och aus eiser Gemeng, goufe vun der däitscher Besatzung zwangsrekrutéiert an un d'Front geschéckt. No a no huet sech am Land eng Resistenz obgebaut, deer hirt Ziel et war, de Preisen de Bass ze halen an esou vill e wéi méiglech Jongen virun der Front ze retten.

Hei huet de Léon Peller sech beruff gespuert fir matzemachen. Ënnert staenneger Liewensgefohr huet hien, zesummen mam Pletschette Eugène vu Gréiwels, mam Pletschette Arthur vu Wahl, deemols nach vu Brattert, mam Majery Jos vun Heeschpelt a mam Haas Jos vun Eschduerf denen desertéierte Jongen gehollef eng secher Stopp ze fannen, e gefälschte Pass ze besuergen oder d'Flucht an d'Äusland ze organiséieren.

Direkt nom Krich 1946 gouf d'Entreprise Léon Peller offiziell gegrënnt. Wéinst der Rekonstruktioun haten d'Steemetzer bal méi Arbecht wéi se gemeet kruten an dem Léon säi Betrieb, de mat 3 bis 4 Leit ugefang hat huet sech séier vergréissert.

De 27. März 1948 huet de Léon, déi jonk Léierin vu Kéiber, d'Joffer Alice Helminger, un de Bräutaltoer gefouert. Vun desem Dag un hu si zesummen zu Kéiber an der Schoul gewunnt bis 1995 fir dunn ob Ënsber an hirt neit Häus ze plënneren. Aus hierem Bestiednis gong eng Duechter, d'Odile Peller erfier.

Em 1950 gouf vill an der Kierch zu Ranschleid geschafft. Hei huet de Léon Peller ënnert anerem, dat stengt Verwëllef am Klackentuer erneiert. Mat deser Arbecht huet hien d'Obmierksamkeet vun der Kommissioun vu "Sites et Monuments" op sech gezunn déi erkannt hun datt de Léon Peller e besonnescht Talent am Bäu mat Natursteng hätt. No a no krut hien ëmmer méi Obtrees bei Restauratiounarbechten u Kierchen, historiesche Gebäier a komplizéierte Renovéierungsarbechten.



Besonnesch fasziniert war hie vu jonktem un un der Architektur vun eise Kierchen a virun allem vun dene schéine Schlessen a Buerger uechtert Land. Dufir as et nit verwonnerlech dat den Häer Peller sech spezialiséiert huet an der

Restauratioun vun historische Baudenkmäler. Wéi keen aneren huet hien sech op deem Gebitt zu dem renomméierte Profi ‚par excellence‘ eropgeschafft, dee vu ville Berufskollegen geschätzt a vu ville Bauhäeren an Architekten obgesicht an unerkannt gouf.

Et as nit vun ongeféier datt den Häer Peller 1992 vum deemoligen Groussherzog Jean perséinlech mat der Medail vum " Officier de l'Ordre de Mérite du Grand-Duché de Luxembourg " ausgezeechent gouf.

Trotz engem Betrieb deen all Dag nei Suergen bruecht a nei Eräusfuerderunge gestallt huet, him awer och ganz bestëmmt Freed a Satisfaktioun gin huet, huet den Häer Peller awer och nach Zäit opbruecht fir Politik ze machen.

Am Joer 1958 koum de Léon Peller an d'Plaz vum Häer Victor Majerus an der Sektoun Kéiber an de Gemengerot. 2 Joer méi spéit huet hien 1960 den Edouard Wagner vu Wahl um Burgermeeschterposten afgeléist fir selwer während 30 Joer, also bis 1990 Buergermeschter vun der Gemeng Wahl ze sin. Säi Nofolger gouf den Eugène Rausch. Bei de Walen 1993 huet hien nit méi kandidéiert, an de Kolleg Servais Majerus huet de Konselljeesposten an der Sektoun Kéiber iwerholl.

Als Buergermeschter hat den Häer Peller et nit ëmmer einfach an enger Gemeng mat wéineg Suen an der Kees a mat grouse Problemer. An der ganzer Gemeng gouf, ënnert dem Häer Peller senger Regie, en Afwaasserkanal geluecht, d'Kierchen an d'Schoulen hun eng zentral Heizung kritt, Gréiwels krut eng nei Schoul, eis Dierfer krute Strosseluchten, vill Feldweer si geteert gin, d'Kierfechter goufen an d'Rei gesat, zu Ranschleid gouf de Willibrordusbour restauréiert an den Häerepesch gouf nei ugeluecht, d'Gemeng krut nei Bürosraim an e schéine Sitzungsall.

Secher kéint en nach weider fuere mat deser Lescht, mee et bleiwt erfirzesträichen datt den Häer Peller sengem Nofolger trotz ville realiséierte Projeen, d'Gemeng scholdefrei iwerloos huet.

Et as deemno kee Wonner datt den deemolige Gemengerot an der Sitzung vum 6. Februar 1991 den Häer Peller eestëmmeg zum Éierebuergermeschter vun der Gemeng Wahl ernannt huet.

Den 18. Juli 2003 stierwt den Häer Peller am Alter vun 83 Joer a fënnt seng lescht Rou um Kierfecht zu Kéiber. Gréiwels, Kéiber an d'ganz Gemeng Wahl kënnen houfreg sin op dese Mann, dem si villes ze verdanken hun.

Jean Ferber